

# De Schwaarze Wee

Claudine Muno

De Bruce Springsteen huet ni am Minett gespillt an de Sportshalen tëscht Uewerkuer a Péiteng wou d'Stroossen all bei d'Eisebunn féieren oder bei d'Schmelzen an d'Haiser sech gläichen eent en Echo vun deem aneren si schale wéi d'Snare a *Born in the U.S.A.* fréier huet een hei d'Fënstere missen zouhalen an et louch eng déck Couche schwaarze Stébs op de Longen an de Fassaden dat nennt een da villäicht sozial Schichten.

Aus engem vun deenen Haiser kléngt *Thunder Road* 1995, MTV unplugged de Bruce Springsteen an d'Melissa Etheridge hunn déi selwecht Hiemer u wéi d'Eisebunner d'Äerm eropgediebelt an den Hänn halen si hiert Handwierksgeschier mee den Houf hunn si just op de Fangerspëtzen.

Ech sëtzen am Schneidersët virum Fernsee a kucken no wéi d'Rock'n'Roll Hänsel & Grethel Kieselsteng streeën déi d'Prince-Henri-Strooss eropféiere bis an de schwaarze Wee deen esou heescht well d'Aarbechter hei en Teppech aus Kuelen ausgerullt hate fir net am Bulli anzegoen bis bei d'Knéien een hat zu Péiteng eemol e Päerd gesinn an engem bronge Pull ersaue mee dat war ier d'Eisebunn koom an hei nach Bauere waren.

De Firewon donnert scho laang net méi iwwer d'Strooss vun Eisen just am Wanter späizen déi gefruere Leitunge Fonken op d'Schinnen et mengt een et wier Silvester dobäi ass et nëmmen e Méindegmoien am November 7 Auer an d'Héichspannung verwandelt den Niwwel op der Haut an elektrescht Schuddereren.

Iergendwou dobausse steet mäi Papp an der Däischtert um Bord vun de Gleiser wéi mäi Grousspapp virdrun oder am Krich d'Zwangsarbeiter\*innen de Vassili Zilenko ass Ukrainer am Summer 1944 gétt hien zu Péiteng vum Tram iwwerrannt mat nëmme 26 op der Hauptstrooss déi d'Nazien Adolf-Hitler-Straße nenne virum Lager Café Cuba dat selwecht Joer ass dem Springsteen säi Papp Camionschauffer an den Ardennen se sinn sech warscheinlech net begéint op enger Fläch vun nëmme 2.586 Kilometer<sup>2</sup> d'Welt ass kleng an heiansdo verpasst een sech awer.

Mir ginn ni an d'Schivakanz wéi déi aner Kanner mäi Papp freet:

Wat soll ech am Schnéi? Mir erfréieren heibausse souwisou schonn d'Zéiwe vun Oktober bis Abréll.

Déi éischt Gittar schenkt meng Mamm mer heemlech, well mäi Papp deem Handwierksgeschier net traud mat deem ee keng Haiser ka baue keng Schinne ka leeën nëmme Stroossen zeechnen déi op Plaze féieren déi ee fir d'éischt nach muss erfannen.

Mäin éischten Auto dann en Opel Astra gebraucht, rout-brong Automatik mat beigé Sëtzer mee d'Mall ass grouss genuch fir e Verstärker aus zweeter Hand alles hat scho virdrun e Liewe wéi eist Haus, de Fernsee e geléinten Nintendo menge Kusinnen hir Nikkispulloveren en Exemplar vu *Wir Kinder vom Bahnhof Zoo* mat Ieselsouere fir mech sinn dat alles éischt Kéieren déi zweet Hand hält meng fir mech e Stéck vum Wee ze féieren.

Déi éischt Band prouft an engem Haus ganz uewen um Hiwwel, wou d'Villa sech hanner héije Mauere verstoppen, déi kee wëll emgeheien an d'eise Rideau hektesch blénzele wann ech mäi Marshall aus der Mall hiewen.

Hei begéinen ech engem neie Gefill, anzwousch net hinzegehéiere mat mengem gebrauchte Liewen a vun uewe gesinn déi Plazen déi ech am beschte kennen op eemol ganz anescht aus eng Couche Verlaangere leet sech driwwer *Socially homeless* huet de Springsteen geschriwwen wann een uneckt, an ech léieren: Heiansdo fénnt ee seng Plaz an de Splécken.

Joren dono féiert d'Strooss déi meng Gittar gebaut huet mech tatsächlech bis op New York, genee um Dag wou den neie Springsteen Album erauskéint mee et gi keng Plackebutteker méi a ganz Manhattan hei um Nuebel vun der Welt ass et elo genee esou kompliziert fir Musek ze fanne wéi fréier am Minett wou ee Lidder huet misse fänke wéi Fénkelcher op iwwerspiltten Knight-Rider-Kassetten an uewen d'Splécken zoupechen, fir dass se net méi kéinten entwéschen.

Dat analoogt Erënnerungsdausche kribbelt elektresch tëscht den Ouere bis d'Tounband ufänkt mat leieren, mee et brauch ee just e Bläistëft an e bësse Gedold fir d'Zäit zeréckzedréinen.

Ier et erëm heemgeet nach e Kaffi fir de Wee

## Bruce Springsteen, Thunder Road, 1975

„Well I got this guitar  
And learned how to make it talk  
And my car's out back  
If you're ready to take that long walk  
From your front porch to my front seat  
The door's open but the ride ain't free  
And I know you're lonely  
For words that I ain't spoken  
But tonight we'll be free  
All the promises'll be broken“

oder dat wat se hei Kaffi nennen ech muss mäin Numm buschtawéieren fir dass d'Serveuse e kann op e Becher schreiwene a mir d'Gefill ginn dass e ganz eleng fir mech geduecht ass obwuel en iwwerall op der Welt genee d'selwecht schmaacht dat wat se hei Kaffi nennen ass a Wirklechkeet en Trick fir dass ee guer net méi muss ufänken ze verlaangere.

An do bei der Keess steet den neien Album vum Bruce Springsteen den Held vun der Aarbecht verkeeft exklusiv seng Séil beim Kapitalismus-Kréimer méi Starbucks wéi Steinbeck an ech denken: Verréider et ass net d'Gespenst vum Tom Joad dat sech wäiss op mengem Latte krauselt, keng rosen Drauwe wuessen hei, just wäiss wotlech Wolleken aus Wuelgefalen.

An awer ass hie grad hei am nooste bei de Leit deenen hir Geschichten hie wëllt erziele just schued, dass een tëscht den Handyen déi schellen an dem Guergele vun de Kaffismillen den Text esou schlecht versteet.

Aus dem Taxi fir op de Flughafe JFK kucken ech eng lescht Kéier zeréck op Manhattan dat war eemol de Bléck no vir an am Minett sëtzen ech erëm oder nach ëmmer am Schneidersët mat der Gittar just de Fernsee ass nei an d'Adress: Boulevard John F. Kennedy Ass de Wee keng Rees just well een eemol am Krees gaangen ass?

Virum de Kassette goufen et Placken am Géigesaz zur Äerd waren dat Scheiwene op déi e ganz Liewe gepasst huet, eng eege Kompositioun mat e puer Samples.

Ech sinn de Spueren nogaangen e Stéck vum Wee, mee wéi d'Nouten am Riff vu *Born to Run* féieren se dech fir d'éischt eraus an d'Welt an da bréngen se dech nees heem.



## Zur Persoun: Claudine Muno

D'Claudine Muno (\*1979) schafft haaptberufflech als Chargée d'éducation fir Musik a Schreiwene an engem Lycée. Säin éischt Buch „The Moon of the Big Winds“ huet hatt mat 16 Joer geschriwwen. Zënterhier huet hatt haaptsächlech Romaner verëffentlicht, op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch, ënner anerem „frigo“ (Prix Servais 2004). Säi Roman „Komm net kräischen“ krut 2016 de Lëtzeburger Buchpräis. Dernieft schreift hatt och Lidder a mécht Musik eleng oder mat verschiddene Bands, wéi The Luna Boots oder Monophona.

### Die Serie This Hard Minett Land

Von März bis Oktober 2022 laden das Tageblatt, das Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C<sup>2</sup>DH) und copybarabooks die LeserInnen jeden Freitag zu einer besonderen Entdeckungsreise durch Luxemburgs Süden ein. Rund vierzig SchriftstellerInnen und HistorikerInnen lassen sich von Bruce Springsteens Songs inspirieren und schreiben Texte über das luxemburgisch-lothringische Eisenerzbecken, „de Minett“, sowie über diejenigen, die dort geboren oder dorthin eingewandert sind, dort gelebt, gearbeitet, geliebt, geträumt, gehofft, gekämpft, Erfolg gehabt oder versagt haben. Begleitet werden die Texte in deutscher, englischer, französischer und luxemburgischer Sprache von Illustrationen des Luxemburger Künstlers Dan Altmann. Im Herbst erscheinen sämtliche Texte und Zeichnungen dann versammelt in Buchform bei copybarabooks. Bis dahin heißt es: „Son, take a good look around/this is your ... Minett Land!“

**Tageblatt**  
LÉTZEBOURG

**CAPYBARA BOOKS**

**uni.lu**  
UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

**C<sup>2</sup>DH**  
LUXEMBOURG CENTRE FOR CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY

E grouse Merci un d'Viviane Daman an de Guy Kummer fir d'Informatiounen zur Geschicht vu Péiteng.